INFORUM

Bulletin d'Information de l'Association Générale des Cadres asbl affiliée à la C.G.F.P.

Mai 2014 - N° 49

D'Faarwen hu geännert, mä d'Resultat bleift dat selwecht!

AGC

Editorial

D'un litige à l'autre …

Depuis le 26 juillet 2012 le paquet des mesures de réforme se trouve dans la Chambre des députés. Il s'agit de projets de loi portant modification de 7 lois existantes, de 8 nouveaux projets de loi, 12 projets de règlements grand-ducaux modifiant des règlements existants, 19 nouveaux projets de règlements grand-ducaux et un projet de règlement grand-ducal abrogeant 8 règlements existants.

À la rentrée 2012 tout portait à croire que les projets étaient sur la dernière ligne droite avant le vote à la Chambre des députés, suivie de la mise en vigueur au 1er janvier 2013 pour certains textes, respectivement le 1er janvier 2014 pour les autres textes. Mais c'était faire le calcul sans l'intervention verbalement musclée de deux députés de la majorité gouvernementale. Le point de discorde était l'augmentation du point indiciaire de 2,2% de l'accord salarial, élément positif du compromis global. La suite est connue – l'ensemble des mesures a été reporté de deux années, après renégociation avec la CGFP et vote peu euphorique de ses délégués syndicaux.

Du point de vue politique l'année 2013 a été turbulente, marquée surtout par la rupture de la coalition gouvernementale, les élections anticipées et la formation d'un nouveau gouvernement. Le paquet volumineux des projets de réforme s'est retrouvé à l'arrière-plan. Tant pis pour tous ceux qui attendent les réformes comportant une amélioration ponctuelle pour leur carrière. Du point de vue syndical 2013 était une année perdue. Ainsi le litige engagé par l'AGC a été déclaré « sans objet » faute de partie adverse gouvernementale. Nous, rédacteurs, nous sommes les laissés pour compte, les exclus du processus de Bologne, les relégués au troisième rang hiérarchique dans l'administration publique.

Seule la revendication de l'AGC de maintenir le nombre des heures de formation générale des rédacteurs à l'INAP (372 au lieu de 240 heures) a été respectée par le gouvernement. Le cas contraire aurait constitué une humiliation à notre égard après tant d'années de revendication d'une formation allongée, comme formation initiale pour accéder à la carrière du rédacteur.

En ce qui concerne les titres de nos fonctions au niveau supérieur la revendication de l'AGC n'a pas été retenue. C'est le moindre mal, car les fonctionnaires concernés ne seront pas à court d'idées pour distinguer les fonctions.

Si l'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics a été émis avant le vide politique temporaire de 2013, le Conseil d'Etat en a profité pour confectionner son avis truffé d'oppositions formelles et une multitude de commentaires et remarques. Depuis la formation du nouveau gouvernement le ministre de la Fonction a tellement de pain sur la planche qu'il n'arrive plus à accorder des entrevues aux associations de carrière. C'est une des raisons pour laquelle l'AGC a relancé la procédure du litige (avorté en 2013) par sa lettre de saisine du 11 avril 2014.

Reste à savoir comment se présentera la mouture finale des projets de réforme. Le flou restera-t-il flou ? Comme p. ex. pour le mécanisme complémentaire de changement de groupe, la disposition transitoire permettant de passer sous certaines conditions du groupe B1 au groupe A2 pendant une période de dix années. Pour bien négocier ladite « voie expresse » la vigilance est vivement recommandée aux représentations du personnel surtout quand il s'agit d'établir l'organigramme de leurs administrations, au lendemain du vote des projets de réforme.

Fernand Muller, président

Assemblée générale du 3 avril 2014

Allocution du président Fernand Muller

Gudden Owend
Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Merci, dass dir haut den Owend an d'Generalversammlung vun der AGC komm sidd.

Wéi déi Jore virdrun sinn ech besonnesch frou haut och nees eis trei Grënnungsmemberen hei begréissen ze kënnen: déi Häre Maurice Schmitz a Pierre Trausch. 2015 ginn et scho 40 Joer, dass si d'AGC gegrënnt hunn.

Begréisse wëll ech awer och eise fréiere President de Michel Schmitz, awer och all aner Ancienën a fréier Memberen aus dem Bureau exécutif an aus dem Comité vun der AGC.

Ech si frou och eise Kolleg Romain Wolff hei kënnen ze begréissen. Hie ass een aus eise Reien a gouf elo kierzlech nees vum Comité fédéral fir e weidert Mandat vun 3 Joer als Generalsekretär vun der CGFP gewielt.

Entschëllegt hu sech den Här Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires an den Här Marc Poos, Beamten an eiser Beruffschamber.

D'lescht Joer hate mir eis Generalversammlung zu Dummeldeng den 9 Abrëll.

Eng Generalversammlung huet et esou un sech, dass een op d'Evenementer vun deene leschten 12 Méint ageet. Abee 2013 war e Joer dat garantéiert keen heibannen sech esou virgestallt hat. Et louch scho méi laang an der Loft an den 10. Juli war Schluss.

Wéinst den Affären koum et zum Broch vun der Regierung an zu virgezunnene

Chamberwalen. Mir kruten eng nei Regierung an natierlech en neie Regierungsprogramm fir déi nächst 5 Joer.

Um gewerkschaftleche Plang war dat lescht Joer eigentlech e verluerent Joer. Wat wëll ee maache wann op eemol keng Regierung méi do ass ?

An de leschte Jore war de Verschläiss u Ministere vun der Fonction publique besonnesch grouss. No de Walen 2009 hat den Här Biltgen den Här Wiseler ofgeléist. Enn Abrëll 2013 huet d'Madame Modert den Här Biltgen ofgeléist. Si war Ministesch vun der FP bis den 10 Juli, den Dag vun deem memorablen Debat iwwer de Geheimdéngscht an der Chamber.

Als AGC hate mir et awer färdeg bruecht an deeër ganz kuerzer Zäit eng Entrevue bei der Mme Modert ze kréien. Den Thierry Ries kënnt nach drop zréck. De 4. Dezember gouf déi nei Regierung vereedegt an den Här Kersch krut de Ressort vun der Fonction publique. De Minister wiesselt, mä d'Beamte bleiwen a suerge fir d'Continuitéit. Oder och net, well elo huet et och den Här Neyens erwëscht, e Monument aus der FP. Awer kee Frënd vun de Redakteren …

Zënter dem Regierungswiessel gouf vill iwwer Beamten a Politik geschwat. Dozou kann ee soen, dass de Beamten (esou wéi de Minister) fir d'Leit alleguer muss do sinn. De Beamten däerf net politesch sinn, well dat passt net bei d'Impartialitéit op déi e jo vereedegt ass. Duerch hire Statut stinn d'Beamte si mat 2 Féiss um Buedem, loossen sech vu kenger Faarf blenden a maachen hir Aarbecht.

Mä de Beamten ass natierlech drun intresséiert wat am Land esou ofleeft a wat op hien duerkomme kann.

Fir d'éischt kuckt hie wat an senger jeweileger Verwaltung geplangt ass.

Duerno kuckt hie wat an der Fonction publique geplangt ass, an eisem Fall besonnesch wat mat der Carrière vum Redakter geschitt.

An zum Schluss ass sécher all Beamten och drun intresséiert wat bei de Pensiounen nach alles geplangt ass.

Mä iwwer all déi Punkten ass am Programm vun der neier Regierung net vill ze liesen.

D'Jorhonnertreform an der Fonction publique (wéi déi vieregt Ministesch se genannt huet) soll duerchgezu ginn an dozou gehéiert jo bekanntlech och den Accord salarial, deen de 15. Juli 2011 ! ënnerschriwwe gouf. Jo dir hutt richteg héieren et war 2011 an et war geduecht fir d'Joren 11, 12 an 13. Déi Jore si Geschicht an de Conseil d'Etat huet eis net d'Gefill ginn wéi wann dee ganze Pak Projeten elo séier kënnt gestëmmt ginn.

Mä ëmmerhin, am Budgets-Projet fir dëst Joer steet den Accord salarial 2014 dran mat engem Betrag vun 16,597 Mio. Dat neit Zil ass elo de Vote nach virum Enn vun dësem Joer.

Iwwer déi neisten Entwécklunge bei de Reformprojeten gi mir herno vun eisem Generalsekretär am Detail informéiert.

Och ënner der neier Regierung heescht et bal al Dag: Et muss gespuert ginn!

Dobäi kann een zu de Staatsfinanze just soen, dass se Héichkonjunktur hunn. Dee flotten Tableau an der leschter Nummer FP compact vun der CGFP huet dat schéin illustréiert mat ëmmer méi héijen Uergelspäifen. Dat sinn Dramresultater fir sougenante Krisejoren.

Vergiessen däerfe mir dobäi net firwat dat esou ass. Mir alleguer hu kräfteg dozou bäigedroen, mä wien erënnert sech nach drun wat de Budget 2013 bruecht huet oder besser gesot, geholl huet.

- 4 Unités kilométriques sinn ewechgefall
- D'Solidaritéitssteier ass vu 4% op 7% eropgaangen

- De maximale Steiersaz ass vun 39 op 40% eropgaangen
- De Barème ass fir déi x-te Kéier net un d'Inflatioun ugepasst ginn an dee betreffenden Artikel am Steiergesetz ass carrément ofgeschaaft ginn.

Och de Budget 2014 gëtt eemol méi net inflatiounsberengegt, eppes wat esouguer déi franséisch Regierung dëst Joer gemaach huet. Mä hei am Land gi scho jorelaang direkt Steieren op der Inflatioun opgehuewen.

Mam Budget 2014 (Iwwergangsbudget) lafen awer all déi Austeritéits-Moossname vun 2013 automatesch weider. Dat waren 2013 +/- 550 Milliounen an dat ginn och 2014 +/- 550 Milliounen. An et ass ze fäerten dass fir 2015 Schlëmmeres op eis duerkënnt.

Wann d'Beroderfirma McKinsey un deem Budget matschafft da musse mir eis waarm undoen. Well dat sinn d'Verfechter vum schlanke Staat.

McKinsey steet fir Personalofbau, Käschtereduzéierung, Produktivitéits-steigerung, Bezuelen no Leeschtung an Out-sourcing.

Op der anerer Säit gëtt domat d'Méiglechkett geschaaf fir de Betriber nei Steiercadeauën ze maachen. Dee Steiererausfall kréien d'Personnes physiques ze droen, also och mir Staatsbeamten. Fir d'Steierreform 2017 déi 2016 préparéiert gëtt besteet d'Gefor, dass d'Gesamtsteierlaascht nach méi op de Bockel vun de Personnes physiques geluede gëtt, Stéchwuert: Ofschaafe vu verschiddene Steier-Abattementën.

Et wier jo schéin wann d'Steierlaascht gerecht verdeelt wier a wann all Revenuën an all Beneficer géifen deklaréiert ginn an d'Steieren dorop och géife bezuelt ginn. Schéi wier et.

Mä där grouss a kleng Hoenessen där ginn et och hei am Land. Leider huet d'Bekämpfe vun der Fraude fiscale zu Lëtzebuerg nach keng Regierung intresséiert…

Et gëtt deemno och keng Selbstanzeige – héchsten eng Fehlanzeige !

Vill méi einfach ass et natierlech d'TVA ëm 13,33% ze héijen. Jo dir hutt richteg héiere vu 15 op 17 Prozentpunkten, dat ass eng Augmentatioun vun 13,33 %. An d'Déngschtleeschtung oder d'Endprodukt gëtt 1,74% méi deier. Méi sozial ongerecht geet et net …

Dat wierkt sech och nach op déi schonn héich Präisser vum Logement aus. Op deem Gebitt gëtt d'Situatioun ëmmer méi schlëmm. De Bauterrain gëtt ëmmer méi kleng an ëmmer méi deier, an d'Banke ginn ëmmer méi virsichteg beim Léinen. Neierdéngs ginn souguer 2 Paie vun enger jonker Koppel Redakteren net méi duer fir en Haus ze kafen.

Dat hu mir der Politik ze verdanken déi dora besteet fir mat Steiercadeauën ëmmer méi räich Leit op Lëtzebuerg ze zéien. Déi Leit kommen net op Lëtzebuerg fir Steieren ze bezuelen, well si wëssen haut schonn, dass de Secret bancaire fir d'Résidentë bestoe bleift.

Dat ass alles net gutt fir déi sozial Cohésioun am Land.

Wann d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg all Joer ëm 10.000 Unitéiten eropgeet, da muss och d'Verwaltung matwuessen. Wann de Finanzminister mengt et misst elo emol beim Rekrutement vu Beamte gespuert ginn, dann ass dat e falscht Zeechen. Doduerch hëllt Qualitéit vum Service public of an déi jonk Leit fanne keng Plaz …

An de leschte Joren hu besonnesch déi iewescht Carrièrë beim Staat keng gutt Figur gemaach. Do ginn et der déi kréien eng Pai ouni ze schaffen, aner leiden ënner enger totaler Amnésie, an nach anerer demissionnéieren einfach, well se mat hirem Minister net eens ginn…

Dat alles gëtt et an eiser Carrière net. D'Redakteren déi schaffen, well d'Kéip vun den Dossieren ginn ëmmer méi héich.

An de leschten 12 Méint sinn emol nach jonk oder manner jonk Redakteren an eiser Carrière agstallt ginn. 47 Kandidaten hunn de Staatsconcours vum Juli gepackt an 53 de Concours vum Dezember. Ech wees awer net ob se all ugetruede sinn, well et ware wéi ëmmer vill Kandidaten derbäi, déi eng Formation universitaire hunn. Dat lescht Joer sinn och nach 22 Redakter-Plazen iwwer d'Mobilitéitsgesetz ausgeschriwwe ginn, also duerch de "Changement d'administration".

Dat wäert dann dëst Joer an d'nächst Joer net méi de Fall sinn …

Ech wëll dës Allocutioun ofschléisse mat engem Bléck op d'AGC am Joer 2015. An der Generalversammlung 2015 stinn nees Walen um Ordre du jour wou de Comité vun der AGC neigewielt gëtt (all 3 Joer). D'nächst Joer sinn och nees Wale fir d'Chambre des fonctionnaires (all 5 Joer), e ganz wichtege Rendez-vous fir d'AGC well d'Redakteren an där Chamber e relativ grousse Groupe duerstellen.

Voilà - Domat sinn ech um Enn vu menger Allocutioun ukomm.

Ech soen iech Merci

Assemblée générale du 3 avril 2014

Rapport financier du trésorier Claude Stephany

Le trésorier Claude Stephany a présenté le rapport de la situation financière de l'AGC.

Les réviseurs lui ont certifié une bonne gestion financière et l'assemblée lui a donné décharge.

Vu la situation financière équilibrée, le montant de la cotisation reste inchangé pour l'année 2015.

Assemblée générale du 3 avril 2014

Rapport du secrétaire général Thierry Ries



Oktoberrevolutioun zu Lëtzebuerg

… an näischt ass méi wéi et war.

Nodeems d'Affaire em de SREL a säin ieweschten Déngschthär, de fréiere Premier, ëmmer méi Kreeser gezunn a Welle geschloen hat, du koum et an der Chamber den 10. Juli 2013 net nëmmen zu engem meemorabelen Débat, mä och nach zu engem Eclat dee sech gewäsch hat.

D'Regierung ass zwar net zeréckgetrueden esou wéi dat a villen anere Länner de Fall gewiescht wier, mä den deemolege Premier huet nach huerteg Neiwalen ugekënnegt ir de Chamberspresident kuerzerhand d'Sitzung opgehuewen an d'Deputéierten esou séier wéi méiglech an déi wuelverdéngte grouss Vakanz entlooss huet.

Duerno war emol nees Rou am Marieländchen an d'Parteien hu sech fläisseg op hirer Walkampf preparéiert.

Wann een dat dann esou nenne kann! Et war éischter e Krampf wéi e Kampf, extrem langweileg, en absolute Wischiwaschi.

Den 20. Oktober 2013 war et dunn esou wäit a mir sinn alleguer an d'Kabinn getrëppelt, ouni all ze grouss Erwaardungen, mä ëmmerhin, di eng mat gewëssen Hoffnungen, déi aner e bëssi méi ängschtlech an dann nach deen een oder anere mat absoluter Selbstiwwerschätzung fräi nom Motto "mir ka jo souwisou keen …"

Mä du koum et numol wéi et komm ass, éischtens definitiv anescht an zweetens wéi sou muncher ee gemengt hat. D'Politkarussell huet nawell béiss gedréint, sou dass deem engen oder anere Berufspolitiker ferm d'Dronkenellen ausgaang sinn.

An dobäi eraus komm ass eng nei Regierung, eng fuschnei Oppositioun, eng Hellewull vun neie Buergermeeschteren, a seguer eng nei Majoritéit an der drëttgréisster Gemeng am Land, no Gambia op nationalem Plang koum Kenia zu Déifferdeng.

Je wéi scho gesot, näischt ass méi esou wéi et emol war.

Esou stoungen dann och am Dezember 2013 d'Zeechen op Neiufank. Zumindest emol wat d'Politik betrëfft, well aus gewerkschaftlecher Siicht bleift zum Gléck nach alles beim alen, esou wuel am Privatsektor wéi och an der Fonction publique.

Hei ass dann och déi austriedend CGFP Exécutif nees fir ee weidert Mandat vun 3 Joer ugetrueden. An dat ass och gutt esou!

Schliisslech sollen hiren eegenen Aussoen no, déi vun hinnen ausgehandelt Reformen, déi esou ganz

niewelaanscht och nach den Ufank vum Enn fir d'Carrière vum Redakter bedeiten, sollen also dës Reformen dann elo endlech 2014 duerch d'Chamber goen, fir dann esou séier wéi méiglech ëmgesat ze ginn.

Dass de Conseil d'Etat villäicht nach dat eent oder anert Hoer an der Zopp kéint fannen, domat schéint keen esou richteg gerechent ze hunn. An awer … De Vote an d'Ëmsetze vun der Reform an der Fonction publique schéngen dann elo trotz allem awer net fir haut a muer ze sinn.

Och wann d'CGFP dem Projet den 17. Mäerz 2014 definitiv hiren Aval ginn huet.

Voilà … dat wier et jo u sech och scho gewiescht, wat déi gewerkschaftlech Aktualitéit aus deene vergaangenen 12 Méint ugeet an ech kéint elo eigentlech op de Schluss vu mengem Rapport d'activité iwwergoen.

Da kéime mir zwar éischter op de Patt, mä et wier, zumindest emol fir mech, dach e bëssi frustrant. Well, och wann eis Beméiungen als AGC, dach nach iergend eppes ze rette wat nach ze rette wier, also wann dës Beméiungen och weider näischt bruecht hunn, dann ass et awer de bonne guerre fir se op eiser Generalversammlung ervirzehiewen.

Well d'AGC huet sech, am Géigesaz zu ze soen all deenen anere Carrières-Organisatiounen, bis haut nach ëmmer net mat der aus eiser Siicht iwwerflësseger Reform do offonnt. An dofir hu mir eis och weiderhi mat alle Mëttel géint d'Relegatioun vun eiser Carrière gewiert.

E leschte Bréif un de Minister Biltgen

Den 28. Mäerz 2013 also kuerz virun eiser leschter Assemblée générale, hate mir jo dem Ex, oder éischter dem Ex-Ex-Minister vun der Fonction publique dem Här Biltgen nees eemol e Bréif geschriwwen.

An deem Bréif hate mir op den Accord higewisen deen den SNE an d'FEDUSE mat der Regierung fonnt haten, en Accord also am Accord deen d'CGFP jo scho mat der Regierung ënnerschriwwen hat. Et goung wéi üblech em eng Rei Extrawurschte fir d'Enseignanten.

Niewent enger Rei Fuerderungen hate mir dem Minister an deem Bréif en Ultimatum bis den 19. Abrëll 2013 gestallt. Sollte mir bis dohi keng Äntwert kritt hunn, oder eng déi eis net passt, da géife mir de Conciliateur mat engem sektorielle Litige befaassen.

Esou hu mir him dat geschriwwen an esou hunn ech dat och hei op eiser leschter Generalversammlung gesot.

Ech weess zwar elo net ob et eise Bréif war oder awer villäicht aner Considératiounen. Mä op jidder Fall huet de gudde Mann kuerz drop démissionéiert a sech huerteg a Richtung Europäesche Geriichtshaff aus dem Stëbs gemaach.

Eng nei Ministesch

A wéi sech déi Stëbswollek bis geluet hat, du hat d'Fonction publique eng nei Ministesch. Also keng ganz nei, schliisslech hat d'Madame Modert jo als Ministre déléguée de Reformprojet vu ganz no matverfollegt an hätt sech jo eigentlech och ganz gutt an dësem däregen Dossier missen auskennen.

An awer hu mir, obwuel den Ultimatum dach scho längst ofgelaf war, de Conciliateur nach net mat eisem Litige befaasst. Schliisslech wollte mir d'Madame jo net direkt brüskéieren. Dofir hu mir hir an engem feine Bréif als éischt emol gratuléiert, eis Revendicatioune rappeléiert a schlussendlech eng Entrevue bei hir gefrot. Eng Entrevue déi mir dann och e knappe Mount méi spéit scho kritt hunn.

Den 10. Juni 2013 huet d'Madame Modert eis empfaang ouni allerdéngs mat iwwerragender Sachkenntnis ze glänzen. Bal huet si dee Beamten zu

hirer lénker opgefuerdert eis ze erkläre firwat eise Fuerderungen net Rechnung gedro kéint ginn. Bal war et de Beamten zu hirer rietser deen eis huet musse vertréischten ouni dass awer och nëmmen dat geréngst dobäi eraus komm ass.

En neie Litige

Also hu mir dat gemaach wat mir schonn op eiser leschter Assemblée générale ugekënnegt haten, allerdéngs mat enger liichter Verzögerung. Den 21. Juni 2013 hu mir de President vun der Commission de conciliation, den Här Etienne Schmit, mat engem Litige befaasst.

Den Objet vum Litige huet sech awer nach just op 2 Punkte limitéiert:

1) en Avancement en traitement an de Grade 14 fir all Redakter oder awer de « Méchanisme complémentaire de changement de groupe » fir 20% vun alle Redakteren an zwar op Grond vun hiren aktuellen Attributiounen, an

2) d'Carrière ouverte oder wéi dat an Zukunft heesche soll, de Changement de groupe aus dem B1 an den A1, soll fir ëmmer bestoe bleiwen an net nëmmen als Disposition transitoire

Vun deenen 2 anere Punkten hu mir deen ee bei deem et jo em eis Titele gaangen ass, awer nees fale gelooss. Dës Fuerderung ass engem après coup dach e bëssi klengkaréiert virkomm. A wat den « au plus tôt » ugeet, do hat sech jo mëttlerweil dach nach eppes gedo.

Well wa mir nach bei der Madame Modert dorop gepocht hunn, dass den « au plus tôt » zumindest fir d'Redakteren aus dem Text verschwanne soll, dann hat sech kuerz no eiser Entrevue dësen därege Problem iwwer en Amendement gouvernemental a Loft opgeléist.

Och wann d'Madame Modert bis zulescht net agesi wollt dass den « au plus tôt » eventuell zu Feelinterpretatioune féiere kéint. Wou si jo eigentlech och absolut Recht hat: « au plus tôt » ass net « au plus tard » dat ass ganz kloer an do gëtt et och näischt dorun ze interpretéieren.

Mä wéi gesot, dat ass Schnéi vu gëschter an natierlech de Verdéngscht vun der CGFP, déi mat vollem Asaz dofir gesuergt huet dass den Automatismus och am Niveau supérieur an Zukunft definitiv garantéiert wäert sinn.

An dat ass natierlech eng gutt Nouvelle, schliisslech steet a fält dës Reform zumindest fir d'AGC mat dem Automatismus am Niveau supérieur, deem eenzege plus ou moins positiven Aspekt vun enger Reform déi fir d'Redaktere weider näischt wéi Verschlechterunge mat sech brénge wäert.

Dofir ass d'AGC es och zënter Juli 2011 net mitt ginn fir op d'Problematik vum « au plus tôt » hinzeweisen an huet villäicht domatt och e bëssi d'Kolleegen an der CGFP motivéiert fir sech esou véhément géint dës Formulatioun ze wiren.

Mä wéi heescht et esou schéin: Ende gut alles gut. Obwuel elo déi nei Formulatioun bei enger héiger Kierperschaft op Oppositioun stéisst, wann och net op eng formell.

Den Avis CHFEP

Entretemps ass den 18. Juni 2013 den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires zu de Reformprojeten approuvéiert ginn. Ech ginn elo net weider doropp an. Well fir deen Avis uerdentlech ze presentéieren, do brauch ee schonn e bëssi méi Zäit an et ka jo net sinn, dass een dat unter ferner liefen zum Schluss vun enger Plénière oder an der Mëtt vun engem Rapport d'activité bréngt.

Souvill sief awer trotzallem gesot, dëst 156 Säiten déckt Dokument léisst kee gutt Hoer un enger Reform déi een

haaptsächlech als onpreeziiss, indigeste an incoherent bezeechne kann.

Wann dir also eng Kéier näischt besseres ze dinn hutt, da kënn dir iech gären dësen Avis um Internetsite vun eiser Chamber ukucken.

Nach méi spannend wäert allerdéngs herno de Verglach mat de votéierten Texter ginn. Ech fir mäin Deel sinn elo scho gespaant ob déi nei Regierung dann eise Remarque Rechnung dréit. Zumindest wat déi sëlechen a manifest Feeler ugeet ob déi dësen Avis kloer hiweist.

Bei der aler, der leschter oder virleschter Regierung, war dat jo net ëmmer, an ëmmer manner oft de Fall.

Den Eclat an der Chamber

Nom Juni kënnt jo bekantlech de Juli an dat heescht net nëmmen, dass geschwënn nees belge Nationalfeierdag ass, mä och a ganz besonneg, dass et net méi laang dauert bis zur grousser Vakanz, dem absolute Standstill zu Lëtzebuerg. A well et heiheem esou üblech ass, dass dat politescht Geschehen nëmme vu Vakanz zu Vakanz évoluéiere kann, gouf den 10 Juli 2013, e Rapport op den Ordre du jour vun der Chambre des Députés gesat, an zwar de Rapport vun der Enquêtëkommissioun iwwer de Geheimdéngscht.

7 ganzer Stonnen huet den Débat gedauert an d'Resultat dovun hunn ech jo schonn Uganks kommentéiert. Virgezunnen Neiwale goufen ugekënnegt a knapp 2 Deeg nom Auserneebrieche vun der Koalitioun huet d'AGC vum Conciliateur e Schreiwes kritt.

Den Etienne Schmit huet eis matgedeelt, dass au vu vun der politescher Situatioun, de Litige deen d'AGC mat der Regierung hätt elo als « sans objet » ze considéréiere wier. Am Fall wou mir also nach ëmmer un eisem Litige festhale géifen, misste mir eng nei Prozedur ulafe loossen, awer da mat der Regierung déi aus den nächste Walen ervirgoe wäert.

Am Kloertext heescht dat da wuel esou vill wéi, dass eise Litige faute de combattants op der Géignersäit zeréck gezu ginn ass.

Kéime mir aus dem Enseignement, dann hätte mir sécherlech elo opgeotemt. Uff, keng Réunioun an der grousser Vakanz. Mä ech mengen éischter, dass mir dann emol net op d'Iddi komm wiere fir Enn Juni nach séier e Litige anzereechen ...

Mä do mécht jo jidderee wéi en denkt. E Redakter kennt jo zum Gléck keng grouss Vakanz an ass vun dohier net esou ageschränkt a vill méi flexibel.

De Summer iwwer war awer dunn nach manner lass wéi déi Jore virdrun. A wat soll een och scho Groussaarteges maachen, wann alles vun enger Reform ofhänkt déi bis dohi schonn e ganzt Joer an der Chamber viru sech higedëmpelt huet.

Also hunn och mir mussen den Oktober 2013 ofwaarden, fir endlech nees ze wësse mat weem mir dann elo an Zukunft streide miissten. An do sinn d'Meenungen nawell béiss ausernee gaang. Vun « et bleift alles beim alen » oder awer engem Juniorpartnerwiëssel, bis hin zu, et ass bal net ze gleewen, enger Dräierkoalitioun, engem Schreckgespent fir déi eng, respektiv engem Sege fir déi aner.

D'Oktoberrevolutioun

Den 20. Oktober 2013 si mir also wiele gaang an 2 Deeg drop koum den Avis vum Conseil d'Etat zu dem Projet de loi iwwer d'Ëmsetze vum Accord salarial. Den Avis iwwer d'Reform an der Fonction publique huet awer weiderhin op sech waarde gelooss.

Dat war dach awer scho gelungen! Wéi oft hu mir an deene leschte Joren ze héiere kritt, d'Reform an der Fonction publique wier e Package, inklusiv dem Accord salarial. Sécher, deen Accord

war jo schonn em 2 Joer verluecht ginn a jo, den Enseignement krut jo och mat gewerkschaftleche Segen an Ënnerstëtzung vu ganz uewen, en Accord am Accord fir déi eng oder aner Extrawurscht.

Mä dass de Conseil d'Etat sech ausgerechent de Projet de loi iwwer den Accord salarial erauspickt fir säin éischten Avis zur Reform ze presentéieren, dat huet een dach awer iwwerrascht.

An den Accent vun dësem Avis läit dann och ganz kloer um Côut.

Bon, esou gesi kann den Accord salarial jo och nëmmen eng supplémentaire Dépense fir de Statsbudget duerstellen. Zesumme mat der Reform, an et ass jo ee Ganzt, also zesumme soll déi Saach jo käschtenneutral sinn. Zumindest emol esou laang den « au plus tôt » an de « peut » nach am Text stoungen.

Awer och ouni déi 2 Formulatioune wäert et de Stat net méi deier gi wéi bis ewell. Dofir wäerte genug Beamten an Zukunft an hirer Carrière, eben duerch dësen Automatismus, ausgebremst gin an de Stat op déi Manéier e puer oder seguer méi Euro spueren.

E Bréif un de Formateur

Mä wéi och ëmmer. Nodeems de fréiere Premier zesumme mat senger Partei, esou wéi hie sech ausgedréckt huet net vun de Wieler, mä vun 2 klengen an enger ganz klenger Partei an d'Oppositioun verbannt gi war, do hu mir et eng gutt Iddi fonnt fir eemol bei deem nei genannte Formateur unzeklappen.

Schliisslech haten souwuel d'DP wéi och Déi Gréng d'AGC am Joer 2011 emfaangen. Hei hate mir deemools den Häre Bauler an Etgen, respektiv der Madame Lorsché an dem Här Adam, eis Doléancen a Revendicatiounen ënnerbreet. En conclusion vun deenen 2 Entrevuen hate mir festgehal, dass déi 2 Parteien, also sou wuel d'DP, wéi och Déi Gréng eis Revendicatiounen net nëmme verstanen haten, mä se och nach als absolut gerechtfäerdegt considéréiert hunn.

Mä vu dass weder déi eng nach déi aner Partei um Rudder war, hunn déi respektiv Deputéierten dann och bedauert, dass si faute de moyens net d'Méiglechkeet hätte fir eis ze ënnerstëtzen. Si hunn eis trotzallem hinnen hir moralesch Ënnerstëtzung zougeséchert.

Vu dass awer elo déi politesch Situatioun am Land kategoresch geännert hat, do hu mir et als eng gutt Geleeënheet ugesi fir dem Formateur Xavier Bettel d'Positioun vu senger Partei a Bezuch op eis Revendicatiounen ze ënnerbreeden.

A vu dass de Felix Braz vun Déi Gréng Responsabel vum Groupe de travail "réforme de la fonction publique" gi war, hu mir him och emol direkt dee selwechte Courrier zoukomme gelooss.

Et kéint jo mol sinn, dass déi nei Regierung déi déposéiert Projeten nach eemol iwwerdenke géif an dann hätte mir scho mol eis Positioun kloer duergeluegt. Op jidder Fall hu mir si zu dësem Exercice opgefuerdert an der Hoffnung dass wéinstens déi nei Regierung net Wëlles hätt d'Carrière vum Redakter lues awer sécher verschwannen ze loossen.

Eng Äntwert op dëse Courrier hu mir leider keng kritt. Mir sinn awer mëttlerweil gefrot ginn ob mir d'accord wiere fir dass eis Revendicatiounen an engem Dokument iwwer d'Koalitiounsverhandlunge publizéiert ginn.

Dësen Accord hu mir selbstverständlech ginn, schliisslech hu mir näischt ze verstoppen. Well am Géigesaz zu aneren Associatioune spille mir net mat verdeckte Kaarten.

Eng nei Regierung

Uganks Dezember war et du sou wäit. De Koalitiounsaccord war

ënnerschriwwen a vun deene jeeweilege Parteikongresser approuvéiert, d'Ministere goufe vereedegt an déi nei Regierung konnt hir Aarbecht endlech ophuelen.

Nodeems d'DP an Déi Gréng am Joer 2011 vun der Oppositiounsbänk aus der AGC hinnen hir Ënnerstëtzung verséchert haten, do war et natierlech e bëssi enttäuschend, dass elo awer en LSAP Minister de Ressort vun der Fonction publique iwwerholl hat.

Schliisslech hate mir jo och 2011 eng Entervue mat der LSAP gefrot an net emol en Accusé de réception vun hinne kritt. Vun enger Entevue ganz ze schweigen.

An eis lescht Entrevue mat der sozialistescher Partei am Joer 2004 war leider och net grad erbaulesch. Hinnen hir deemoleg Positioun zu engem BAC+2 oder BAC+3 léisst sech ganz einfach mat engem komerodschaftlechen "ma hu dir se nach all" resüméieren.

Mä déi Entervue ass jo ewell och nees 10 Joer hir. Eis Revendicatioun vun engem BAC+2 huet entretemps a Richtung Bachelor evoluéiert a wee weess, villäicht huet och d'LSAP eventuell eng Evolutioun matgemaach a gesäit mëttlerweil eise Besoin no enger besserer Formatioun an.

E puer Wuert dann awer nach zum Programme gouvernemental. De Volet "Fonction publique" hëllt am ganzen eng hallef Säit an deem 204 Säite laangen Dokument an.

Hei engagéiert sech d'Regierung den Accord iwwer d'Reform an och den Accord salarial déi d'CGFP mat der leschter Regierung ënnerschriwwen hat ze respektéieren. De Volet statutaire géif weidergefouert ginn, an zwar compte tenu vun den Avisen déi am Kader vun der Procédure legislative gemaach gi sinn.

Dat heescht jo da wuel, dass all déi Feeler an Incohérencen op déi d'Chambre des Fonctionnaires an hirem Avis higewisen huet, spéider aus dem votéierten Text verschwonne wäerte sinn.

Net esou flott ass dann awer deen nächsten Alinéa an deem all weider Punktwerterhéigung an dëser Legislatur ausgeschloss gëtt.

Déi lescht Augmentatioun geet jo ewell op den 1. Januar 2009 zeréck, wou de Punktwert em 1,5% an d'Luucht gaangen ass.

Gëtt dat esou ëmgesat wéi et am Programme gouvernemental steet, dann heescht dat wuel, dass mir vun 2010 bis 2019 oder seguer doriwwer eraus, also a plus ou moins 9 Joer ganzer 2,2% an der Pai bäikritt hunn. Net schlecht fir esou iwwerprivilegiéiert Statsbeamten als déi mir ëmmer nees gären duergestallt ginn.

Mä bis 2019 ass et jo awer nach e Stéck a bis dohi kucke mir emol ob d'CGFP dat dann och einfach esou hinhuele wäert.

En neie Minister vun der Fonction publique

En attendant hu mir dem neie Minister vun der Fonction publique, dem Dan Kersch also e Courrier geschéckt fir him emol fir seng nei Functioun ze félicitéieren. Zugläich hu mir him eis Suergen an Doléancen ënnerbreet, genee déi selwegt déi mir och scho sengen 3 Virgänger op dësem Poste presentéiert haten. Och eng Entervue hu mir bei him gefrot, well wéi scho gesot mir hunn nach ëmmer net opginn!

Op der Innauguratioun vun der CGFP hirem neie Siège sot de Minister et géif am Dossier Reform keng Tabue ginn. Dat gesi mir als AGC genee esou an dofir hu mir och nees eis Fuerderung no enger besserer Formatioun an d'Spill bruecht.

Mir hunn allerdéngs dodrop verzicht fir vun Ufank u mat eisem vum Conciliateur, soe mir emol ausgesate

Litige ze drohen. Dat wier net nëmmen onpassend gewiescht, mä mat Sécherheet och nach kontraproduktiv.

14 Deeg méi spéit krute mir dunn awer déi éischt Ofso vum neie Minister. Hie géif zu engem spéideren Zäitpunkt op eis Demande d'entrevue zeréckkommen.

Eng Datz vum Conseil d'Etat

An domat wiere mir dann och scho beim Avis vum Conseil d'Etat ukomm. Jo, wat soll een dozou soen? Esou kann et ebe goe wann iergend een seng Hausaufgab net richteg gemaach huet! Da kann et emol eng Datz ginn, an zwar eng fatzeg Datz vum Conseil d'Etat. Déi huet deen nach ganz neie Minister den 21. Januar 2014 vun der héijer Kierperschaft ausgestallt kritt.

An dat fir e Projet deen hien emol selwer net verbrach huet, mä éischter seng Virgängerin. Mä och d'Octavie Modert ass hei net onbedingt responsabel, huet si dach net deen onsägleche Projet och scho vun hirem Virgänger dem François Biltgen geierft. An deen, deen huet all déi Texter jo awer och net selwer an im stillen Kämmerlein zu Pabeier bruecht.

Dat waren déi äerdeg Beamten aus dem Ministère vun der Fonction publique an zwar ënner der Fuchtel vun engem ganz héijen, dichtegen, allersäits bekannten an elo endlech pensionéierte Fonctionnaire. (…)

An deem Fall ass déi Datz do dann och net nëmmen « net verwonnerlech » mä och nach definitiv méi wéi verdéngt!

Op ville Punkte si sech de Conseil d'Etat an d'CGFP oder d'Chambre des Fonctionnaires esou zimmlech eens.

Et ginn allerdéngs och Remarquen mat deenen souwuel d'CGFP wéi och d'AGC net d'accord kënne sinn.

Dobäi geet zum engem ëm de Mécanisme complémentaire de changement de groupe, ee fir d'AGC extreem zweeschneidegt Schwert, zum aneren get awer och de Fonctionnariat à vie a Fro gestallt.

Desweidere bemängelt de Conseil d'Etat d'Taatsaach, dass d'Formulatioun « au plus tôt » dann awer elo schlussendlech aus den Texter gestrach ginn ass.

A fiwat si si net frou doriwwer ? Ma dat steet och kloer an däitlesch an hirem Avis drann! Duerch d'Sträiche vum « au plus tôt » risquéieren hinnen hirer Meenung no d'Avancementer an Zukunft méi séier ze komme wéi bis ewell. Also méi séier well automatech!

Sécher, dat gëllt natiirlech net fir jiddereen. Mä et beweist awer ganz kloer, dass « au plus tôt » net « au plus tard » heescht an dass den initiale Projet deefinitif keen Automatismus am Niveau supérieur virgesinn huet. Et war wéi schonn esou oft eng verkappte Spuermoosnam, eng schéi Verpackung, e Cadeau empoisonné oder fir sech antik an awer zäitgenössech auszedrécken een Trojaner wéi aus dem Billerbuch.

Mä ëmmerhin, eng Datz ass eng Datz! An ech géif jo elo gäere soen dass een an der Schoul mat esou engem Resultat sëzte bleiwe géif. Mä dat war fréier. Haut muss een eebe kucken dass een déi Situatioun irgendwéi mat gudde Punkten an deem engem oder anere Fach compenséiert kritt.

A wann dat och nach net klappt jo da muss een trotzallem dat Ganzt nach eemol widderhuelen.

An do läit d'Kromm an der Heck. A puncto Reform vun der Fonction publique ass esou zimmlech op béide Säiten d'Loft eraus. Weder de Ministère nach d'CGFP, hunn nach déi gerengste Loscht fir nach eemol an deen däregen Dossier do wullen ze goen oder seguer nees vu vir unzefänken.

An esou wäert et da wuel komme wéi et komme muss an de Ministère wäert probéieren esou séier wéi méiglech ze flécken wat ze flécken ass fir dass déi

ach sou historesch Reform nach Enn dës Joers duerch d'Chamber goe kann.

Et ass allerdéngs ze hoffen dass bei der ganzer Fléckaarbecht do, och der enger oder aner Remarque an Observatioun aus dem Avis vun der Chambre des fonctionnaires Rechnung gedroe wäert ginn.

Mä wéi och ëmmer. Fir d'AGC ass a bleift déi geplangte Reform eng riseg Katastroph. Well déi eenzeg plus ou moins positiv Mesure an deem ganze Package ass zumindest fir d'Redakteren deen neien Automatismus. Hei wäerten e puer Kollegen dann awer elo hir Avancementer am Niveau supérieur deem ale Cadre fermé kréien. Ouni dës Mesure géife si fir länger Zäit blockéiert bleiwen, respektiv ni an de Grade 13 kommen.

Fir vill aner bedeit et awer och, dass si elo méi laang wéi bis ewell op hir Promotioune waarde mussen.

Et ass wéi et ëmmer ass: des einen Freud, des andern Leid …

An nees ee Kompromëss

Mä ëmmerhin. Niewen den 100 Oppositions formelles déi de Conseil d'Etat zu de Reformprojete gemaach huet, war awer bis viru kuerzem och nach d'Fro em d'Indemnité de stage ze klären.

Hei hat déi lescht Regierung op eng hannerhälteg Aart a Weis d'CGFP dozou kritt en Zousazaccord ze ënnerschreiwen ouni awer d'Base de calcul vun deeër Indemnitéit unzepassen.

Waren d'Kollegen nach dovun ausgaang, dass déi 80, 80 a 90% géifen op dem neien Ufanksgehalt, also dem 4. Echelon gerechent ginn, dann huet den Text awer nëmmen den 3. Echelon als Basis zeréckbehal.

De 17. Mäerz 2014, koum et dunn nees eemol zu engem weideren Accord oder Kompromëss, an d'Indemnité de stage gëtt dann elo déi 2 éischt Joren um 3. Echelon an dat 3. Joer um 4. Echelon berechent.

Do dernieft gëtt ënner anerem och nach d'Procédure d'appréciation vereinfacht.

No dësem weidere Kompromëss ass dann elo d'Reform definitiv op de Schinnen a wäert dann elo hire Wee wuel goen.

Conclusioun

Voilà, domat wier ech dann awer elo esou lues um Schluss vu mengem Rapport d'activité ukomm. U sech waren déi vergaangen 12 Méint dach esou zimlech ereignislos, zumindest wat déi gewerkschaflech Aktivitéit ugeet.

Mä wat soll ee sech och scho villes erwaarden, wann d'Géigesäit, an eisem Fall d'Politik, esou mat sech selwer beschäftegt ass, dass alles anescht an den Hannergrond rutscht.

Et ass elo zënter Mäerz 2010, dass den Dossier Reform iergendwéi zu enger Aart on/off Bezéiung ginn ass. No engem groussen Tumult, killt alles nees of a waarden ass ugesot bis deen nächsten Cirque an Zauber kënnt. Villäicht e klenge Litige mat Conciliatioun oder Mise en veilleuse. Kuerz drop nees vill Gejäitz a vill Gedauschs. An dertëschent ëmmer nees waarden, waarden an nach eemol waarden : sief dat op d'Avant-projeten, déi éischt Zousazaccorden, déi déposéiert Texter, eng nei Ministesch, Neiwalen, eng nei Regierung oder e wiedere Kompromëss.

D'AGC kann awer net méi waarden. Laang genug ass eis Gedold vun deene leschte Fonction publique Ministere strapazéiert ginn.

An dofir hu mir dem Minister Kersch de 5. Mäerz 2014 e weidere Bréif geschéckt an deem mir op eng Entervue à court terme insistéiert hunn. Sollte mir dës net kréien oder sollt näischt bei esou enger Entrevue erauskommen, da musse mir do

weiderfuere wou mir am Juli 2013 opgehal hunn.

Well mir hunn eise Litige net zeréckgezunn, mä en ass vum Conciliateur faute de combattants op der géignerecher Säit als « sans objet » déclaréiert ginn.

Eng Äntwert hu mir bis haut nach net kritt an dofir, mussen a wäerte mir elo dat maache wat mir fir richteg fannen an de Conciliateur mat engem neie Litige befaassen. Wat dobäi erauskënnt, dat gesi mir wann et esou wäit ass.

Op d'AGC kommen an deenen nächste Joren nach eng Rei vun Erausfuerderungen duer. Gréisser Efforten a punkto Recrutement vun neien a jonke Membere musse gemaach ginn. Eis Statute mussen ugepasst gi fir ënner anerem der neier Dénominatioun vun eisem Groupe de traitement Rechnung ze droen.

Do dernieft schéngt et mir dann awer och onemgänglech dass d'AGC an Zukunft niewen de Redakteren, och nach déi nei administrativ Bacheloren ophuelen a representéiere soll.

Natierlech wäerte mir och weiderhin sou wuel an der CGFP, wéi och an der Chambre des Fonctionnaires eise Mann, Respekt eis Fra stoen. Well et muss een dovun ausgoen, dass nach schwéier Zäiten op d'Fonction publique duerkomme wäerten.

De Programme gouvernemental seet jo schonn emol kloer viraus, wéi et dann a punkto Gehälterpolitik während dëser Legislaturperiod ausgesäit.

An doriwwer eraus?

(…).

Mä ech wäert mech awer elo schwéier hidden dës lescht Iwwerleeung iergendwou ze publizéieren. Net dass se an der Regierung nach op domm Gedanke kommen.

Ech soen iech Merci

Tout va pour le mieux dans le meilleur des mondes ?

Dans le cadre de sa revendication de longue date visant un relèvement du niveau d'études pour accéder à la carrière du rédacteur, l'AGC a entamé à trois reprises la procédure du litige.

En 2008, le comité avait décidé à l'unanimité de suivre les recommandations de Monsieur le médiateur et de mettre un terme au litige sectoriel ayant pour objet le relèvement du niveau d'études, sans revalorisation de la carrière. Ceci au vu de l'accord trouvé au cours du mois de septembre 2008 entre le gouvernement et les syndicats des instituteurs, en matière de reclassement de la carrière de l'instituteur.

La procédure de conciliation entamée en 2010 était dirigée contre la décision gouvernementale de créer une nouvelle carrière supérieure A2, tout en refusant notre revendication visant le relèvement du niveau d'études pour accéder à la carrière du rédacteur, précisément la formation de niveau « bachelor ». Ce litige a dû être retiré en février 2011 dans le seul but de ne pas être exclu une fois de plus du dialogue social.

En effet, par courrier du 11 février 2011, les ministres Biltgen et Modert avaient informé l'AGC que « tant que ce litige ne sera pas vidé ou retiré de votre part, il nous est juridiquement impossible de vous accorder une entrevue »

Et enfin, la saisine de la commission de conciliation du 21 juin 2013 a été déclarée sans objet par Monsieur le président Etienne Schmit en date du 12 juillet 2013, et ce au vu de la situation politique des semaines précédentes :

> Compte tenu de la situation politique des dernières semaines, j'avais jugé opportun de ne pas demander au gouvernement et à la CGFP de désigner leurs délégations et j'avais tenu votre demande en suspens.
>
> La dissolution anticipée de la chambre des députés et des élections au mois d'octobre ayant été décidées par les instances politiques, le litige avec le gouvernement actuel est à considérer comme devenu sans objet, sauf décision contraire improbable du chef d'Etat.
>
> Le cas échéant, il conviendra d'entamer une nouvelle procédure en cas de litige avec le gouvernement formé à l'issue des élections.

Lors des négociations en vue de la formation de l'actuel gouvernement, l'AGC avait communiqué à Monsieur le Formateur ses craintes et doléances au sujet de certains projets de réformes. Malheureusement, et aux termes du programme gouvernemental, « *le volet statutaire de la réforme en projet de la fonction publique sera poursuivi* », et donc nos revendications en matière de formation et de reclassement de la carrière du rédacteur continueront à être ignorées.

Avant de relancer la procédure entamée en juin 2013, l'AGC a proposé en date du 13 janvier 2014, au nouveau ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative Dan Kersch, de reprendre le dialogue. Or, le 27 janvier 2014 Monsieur le Ministre a répondu qu'il ne manquerait pas de revenir <u>ultérieurement</u> à notre demande d'entrevue.

> Permettez-moi de vous remercier très chaleureusement de vos félicitations à l'occasion de ma nomination aux fonctions de Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, félicitations qui m'ont particulièrement touché.
>
> Je ne manquerai pas de revenir ultérieurement à votre demande d'entrevue, et je voudrais profiter de l'occasion du moment pour vous présenter mes meilleurs vœux pour l'année 2014, année qui nous permettra très certainement de nous entretenir sur les dossiers qui vous tiennent particulièrement à cœur.

Un deuxième courrier envoyé en date du 5 mars 2014 expliquait en quoi la situation de l'Association générale des cadres différait sensiblement de celle des autres associations de carrière et pourquoi, malgré la pléthore de demandes d'entrevues que Monsieur le Ministre avait reçues de la part des différentes associations, l'AGC se devait d'insister à ce qu'une entrevue lui soit accordée dans les meilleurs délais.

Ce courrier étant resté sans réponse, l'AGC a donc saisi en date du 10 avril 2014 Monsieur le Président de la commission de conciliation afin de reprendre le litige entamé d'ores et déjà en juin 2013.

La réaction de Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative fût l'étonnement par rapport à l'introduction d'une nouvelle procédure de litige.

> Par la présente, j'accuse bonne réception de vos courriers du 5 mars et du 11 avril dernier. Permettez-moi toutefois d'exprimer mon étonnement par rapport à votre décision d'introduire une nouvelle procédure de litige.
>
> En effet, vous n'êtes pas sans savoir que les textes de réformes sont actuellement discutés au sein de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative de la Chambre des Députés et qu'ils seront par conséquent encore susceptibles de subir d'éventuelles modifications par la voie d'amendements parlementaires.
>
> Par ailleurs, je voudrais rappeler que conformément à l'accord salarial du 14 juillet 2010, mes prédécesseurs ont eu des échanges de vues, parfois mêmes à plusieurs reprises, avec les différentes associations professionnelles sur leurs revendications respectives en relation avec les réformes dans la Fonction publique. Dans la mesure où ces entrevues ont permis d'apporter les précisions et modifications nécessaires aux textes de réformes ayant été déposés à la Chambre des Députés en juillet 2012 et que ni l'accord de coalition de décembre 2013, ni l'avis du Conseil d'Etat de janvier 2014 ne font état de la nécessité d'une nouvelle orientation des carrières par rapport à celle retenue dans les projets de lois déposés, je ne vois actuellement pas de raison pour le Gouvernement d'y revenir.

Or, il ne s'agit que d'anciennes revendications ignorées, repris à la même teneur dans un nouveau litige. En marquant sa détermination à ce que le volet statutaire de la réforme projetée dans la fonction publique, soit poursuivi, le gouvernement et par conséquent Monsieur le Ministre, ont hérité du litige, provoqué par ses prédécesseurs, et déclaré « sans objet » en juillet 2013, faute de combattants dans le camp gouvernemental.

En réaction au communiqué de presse de l'AGC du 2 mai 2014, Monsieur le Ministre a estimé sur RTL que le litige de juin 2013 avait été rejeté par le conciliateur puisqu'il n'y avait plus rien à concilier :

> « *D'Conciliatioun huet deemools gesot et géif u sech kee Moment gi wou ee misst elo hei nach conciliéieren an hir Demande u sech rejetéiert. Ech ginn dovun aus, dass dat och dës Kéier wäert geschéien.* »

Or, le litige en question n'a jamais été rejeté par le conciliateur, mais déclaré « sans objet » faute de partie adverse gouvernementale.

Quant au fait que la carrière du rédacteur compte parmi les carrières les plus lésées par une réforme superfétatoire, favorisant une minorité au détriment de tous les autres, la réaction de Monsieur le Ministre était la suivante :

« A wat hir spezifesch Carrière ugeet, muss een och do soen, dass d'Redakteschcarrière eng vun deene Carrièren ass déi ganz gutt dobäi weg kënnt, wa mir elo an den neie System wäerten iwwergoen. »

Se pose dès lors la question de savoir, en quoi consiste donc cet effet favorable dont bénéficieront les rédacteurs lors du passage dans le nouveau système.

S'agit-il peut-être de leur relégation au troisième rang hiérarchique, allant de pair avec la perte de leurs attributions particulières et de leurs postes à responsabilité ? A moins que ce ne soit la suppression définitive de toute possibilité d'accéder à une formation leur permettant d'être à la hauteur des exigences du travail administratif quotidien ?

L'automatisme des promotions dans le niveau supérieur permettra certainement à quelques rédacteurs bloqués dans leur grade actuel d'accéder à tous les grades du niveau supérieur.

Mais d'un autre côté, ce même automatisme retardera également les promotions de la majorité de tous les autres fonctionnaires, tous groupes de traitement confondus, et plus particulièrement de ceux dont le groupe comprend moins de sept grades.

Et si l'avantage pour les rédacteurs résidait dans l'amalgame de tous les effets positifs et négatifs de la réforme projetée ?

Des avancements et promotions automatiques jusqu'au dernier grade du groupe de traitement ; bénéficier du même traitement que leurs prédécesseurs, sans avoir à s'encombrer d'attributions pénibles ou d'une responsabilité accrue : de quoi faire rêver tous ceux pour qui leurs fonctions ne sont que source de revenu.

Mais il y en a d'autres, et il s'agit de la grande majorité, pour qui les attributions traditionnelles de leurs prédécesseurs ont encore une vraie valeur. Qu'en est-il de ceux-là ?

Et bien, ils n'auront qu'à s'adapter et profiter de leurs promotions automatiques tout en s'acquittant de fonctions et de tâches de moindre importance et pour lesquelles une formation de niveau bac sera amplement suffisante.

Mais ce ne sera que lorsque ce changement de mentalité sera définitivement réalisé que malgré (ou peut-être grâce) à cette réforme, tout ira pour le mieux dans le meilleur des mondes.

INFORUM
Bulletin d'information de l'Association Générale des Cadres aux affaires N.C.G.E.R.
Mai 2014 - N° 49

Comité de rédaction
Thierry Ries
Fernand Muller
Tanja Ackermann
Claude Stephany

Tirage 1.850 ex.

Print Service - Luxembourg
printser@pt.lu

La réproduction d'articles, même par extraits,
n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source

BP 665 L-2016 Luxembourg

LUXEMBOURG-
GARE
PORT PAYÉ
P/S 056

Quatre ministres en cinq ans !

Si en France par exemple les ministres des finances ont une vie politique plutôt courte c'est bien compréhensible à cause des déficits budgétaires et l'endettement public. Au Luxembourg c'est curieusement le ressort de la Fonction publique qui a la plus grande usure ministérielle.

Après les élections de 2009 M. Wiseler a remis le flambeau à M. Biltgen qui, à son tour s'est tourné vers d'autres horizons fin avril 2013, tout en laissant sa place à Mme Modert. Suite aux élections anticipées d'octobre 2013 M. Kersch occupe le poste de ministre peu convoité de la Fonction publique depuis le 4 décembre 2013. Du point de vue descriptif on pourrait dire qu'on est passé de l'hésitant à l'agité, puis à la distraite, pour enfin arriver au dynamique.

Si étymologiquement le ministre est un serviteur de l'Etat la fonction ministérielle, surtout celle de la Fonction publique, est une tâche ô combien difficile. Heureusement les ministres peuvent s'appuyer sur la compétence, l'expérience et la loyauté de hauts fonctionnaires, immuables et droits dans leurs bottes statutaires sur une quarantaine d'années. Les ministres changent, mais les fonctionnaires restent et assurent la continuité du savoir et de l'action. Il peut même y avoir des cas extrêmes de collectionneurs de ministres, maintenus en service au-delà de la limite d'âge. Mais tout à coup, après un changement ministériel, ils ont amplement mérité leur départ à la retraite.

Par ailleurs il est aberrant que l'Etat rémunère durant des années des fonctionnaires qui n'apparaissent pas sur leur lieu de travail ou qui n'ont aucune tâche administrative à accomplir ? N'a-t-on pas fustigé l'Etat grec qui a dû faire un inventaire des fonctionnaires rémunérés et des fonctionnaires effectivement en service ? Chez nous il ne s'agit évidemment pas de rédacteurs, qui généralement ont une plus grande conscience professionnelle et le respect de la présence et du devoir. Par ailleurs n'était-il pas plus insensé encore de maintenir sur son poste de haut fonctionnaire, un éternel absent de sa tâche de formation ?

Le mal est fait. Le mauvais exemple a été donné à toute une génération de fonctionnaires en herbe, venus en quête de savoir, puis renvoyés, sans pouvoir rejoindre leur lieu de travail pour finalement tomber un zinc…

Ici et ailleurs c'est l'image parfaite de la fonction publique qui n'arrivera jamais à se défaire des clichés souvent colportés à juste titre à son égard.

Le persifleur